N°4146
Entrée le 19.08.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

Réponse du Ministre du Travail et du Ministre de la Fonction publique à la question parlementaire N°4146 du 26 mai 2026 de l'honorable Député Mars DI BARTOLOMEO et de l'honorable Député Georges ENGEL concernant « Évolution de l'emploi par secteur ».

Fro 1: Wéi huet sech d'Zuel vun den Aarbechtsplazen an de leschten dräi Joer entwéckelt?

Tëscht September 2022 a September 2025 ass d'Zuel vun de Salariéë[1] vu 482.680 op 499.972 Leit geklommen, dëst ass eng Erhéijung vun 3,6% an dräi Joer. D'Netto-Aarbechtsplazschafung an dëser Period – dat heescht den Ënnerscheed tëscht der Zuel vun de Salariéen am September 2025 an der Zuel, déi am September 2022 observéiert gouf – läit bei 17.292 Aarbechtsplazen.

Tableau 1 - Evolution du nombre total de salariés et création nette d'emplois entre 2022 et 2025

| | Nombre de salariés |
|---|---|
| Septembre 2022 | 482.680 |
| Septembre 2023 | 489.990 |
| Septembre 2024 | 493.323 |
| Septembre 2025 | 499.972 |
| Evolution entre septembre 2022 et septembre 2025 (en %) | 3,6% |
| Création nette d'emplois entre septembre 2022 et septembre 2025 | 17.292 |

Source : CCSS / Calculs : IGSS
Champ : ensemble des actifs salariés

Fro 2: Wéi héich ass dobäi den Undeel vun den Aarbechtsplazen am ëffentlechen an am konventionéierte Secteur, souwuel a Prozenter wéi och an absolutten Zuelen?

D'Beschäftegungen am ëffentleche Secteur ëmfaassen d'Poste beim Staat, bei de Gemengen, bei den Etablissements publics a bei der CFL.

D'konventionéiert Aarbechtsplaze sinn déi, déi bei Organismen erfaasst sinn, déi duerch eng Konventioun un de Staat gebonne sinn an eng ganz oder deelweis ëffentlech Finanzéierung vun de Lounkäschte kréien.

Tëscht September 2022 a September 2025 goufe 6.818 zousätzlech Aarbechtsplazen am ëffentlechen a 5.403 am konventionéierte Secteur geschaf, am Verglach zu 5.071 am private Secteur. Den ëffentleche Secteur huet méi staark zu dëser Dynamik bäigedroe wéi de konventionéierte Secteur. Vun den netto Aarbechtsplazschafungen, déi tëscht September 2022 a September 2025 op dës zwee Secteuren

[1] Definitioun vun engem Salarié: Eng Persoun, déi berufflech zu Lëtzebuerg aktiv ass a beim lëtzebuergesche Sozialversécherungssystem affiliéiert ass, ausser Selbststänneger.

zeréckzeféieren sinn, ginn 39,4 Prozentpunkten dem ëffentleche Secteur zougeschriwwen, géintiwwer 28,6 Prozentpunkte fir de konventionéierte Secteur.

Tableau 2 - Contribution des secteurs public et conventionné à la création nette d'emplois salariés et évolution du nombre de salariés dans les secteurs public, conventionné et privé entre septembre 2022 et septembre 2025

| | Sept-22 | Sept-23 | Sept-24 | Sept-25 | Création nette d'emplois entre sept-2022 et sept-2025 | Evolution entre sept-2022 et sept-2025 en % | Contribution à la création nette d'emplois entre sept-2022 et sept-2025 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Secteur public et conventionné** | 108.043 | 111.807 | 115.888 | 120.264 | 12.221 | 11,3% | 70,7% |
| dont Administration publique | 53.605 | 55.771 | 57.931 | 60.423 | 6.818 | 12,7% | 39,4% |
| Santé humaine et action sociale | 46.351 | 47.858 | 49.630 | 51.291 | 4.940 | 10,7% | 28,6% |
| Agents publics dans d'autres secteurs d'activité | 8.087 | 8.178 | 8.327 | 8.550 | 463 | 5,7% | 2,7% |
| Secteur privé | 374.637 | 378.183 | 377.435 | 379.708 | 5.071 | 1,4% | 29,3% |
| Total général | 482.680 | 489.990 | 493.323 | 499.972 | 17.292 | 3,6% | 100,0% |

Source : CCSS / Calculs : IGSS
Champ : ensemble des actifs salariés

Fro 3: Wéi huet sech d'Beschäftegung an deenen anere Secteuren entwéckelt, a wéi eng Secteure verzeechnen e Réckgang bei den Aarbechtsplazen?

Déi follgend Tabell weist fir all Aktivitéitssecteur d'Entwécklung vun der Beschäftegung tëscht September 2022 a September 2025.

Tableau 3 - Evolution de l'emploi salarié et création nette d'emploi selon les secteurs d'activité

| | Sept-22 | Sept-23 | Sept-24 | Sept-25 | Evolution entre sept-2022 et sept-2025 (en %) | Création nette d'emplois entre sept-2022 et sept-2025 | Contribution à la création nette d'emplois entre sept-2022 et sept-2025 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| A - Agriculture, sylviculture et pêche | 1.671 | 1.662 | 1.680 | 1.713 | 2,5% | 42 | 0,2% |
| B - Industries extractives | 277 | 257 | 258 | 238 | -14,1% | -39 | -0,2% |
| C - Industrie manufacturière | 31.989 | 31.547 | 30.905 | 30.731 | -3,9% | -1.258 | -7,3% |
| D - Production et distribution d'électricité, de gaz, de vapeur et d'air conditionné | 1.785 | 1.901 | 1.938 | 2.008 | 12,5% | 223 | 1,3% |
| E - Production et distribution d'eau, assainissement, gestion des déchets et dépollution | 2.030 | 2.101 | 2.125 | 2.171 | 6,9% | 141 | 0,8% |
| F - Construction | 51.700 | 50.597 | 48.043 | 47.264 | -8,6% | -4.436 | -25,7% |
| G - Commerce, réparation d'automobiles et de motocycles | 52.623 | 52.478 | 52.653 | 52.410 | -0,4% | -213 | -1,2% |
| H - Transports et entreposage | 33.148 | 34.070 | 34.663 | 35.430 | 6,9% | 2.282 | 13,2% |
| I - Hébergement et restauration | 21.891 | 23.122 | 23.075 | 23.914 | 9,2% | 2.023 | 11,7% |
| J - Information et communication | 21.697 | 22.455 | 22.146 | 22.143 | 2,1% | 446 | 2,6% |
| K - Activités financières et d'assurance | 52.695 | 53.771 | 54.462 | 54.862 | 4,1% | 2.167 | 12,5% |
| L - Activités immobilières | 3.526 | 3.354 | 3.259 | 3.372 | -4,4% | -154 | -0,9% |
| M - Activités spécialisées, scientifiques et techniques | 47.465 | 48.809 | 49.359 | 49.488 | 4,3% | 2.023 | 11,7% |
| N - Activités de services administratifs et de soutien | 34.904 | 35.210 | 35.497 | 36.349 | 4,1% | 1.445 | 8,4% |
| O - Administration publique | 53.605 | 55.771 | 57.931 | 60.423 | 12,7% | 6.818 | 39,4% |
| P - Enseignement | 5.756 | 5.916 | 6.129 | 6.377 | 10,8% | 621 | 3,6% |
| Q - Santé humaine et action sociale | 46.351 | 47.858 | 49.630 | 51.291 | 10,7% | 4.940 | 28,6% |
| R - Arts, spectacles et activités récréatives | 2.851 | 2.931 | 3.026 | 3.197 | 12,1% | 346 | 2,0% |
| S - Autres activités de services | 7.080 | 7.287 | 7.434 | 7.680 | 8,5% | 600 | 3,5% |
| T - Activités des ménages en tant qu'employeurs | 5.706 | 5.589 | 5.490 | 5.261 | -7,8% | -445 | -2,6% |
| U - Activités extra-territoriales | 799 | 799 | 811 | 801 | 0,3% | 2 | 0,0% |
| Z - Non déterminé | 3.131 | 2.505 | 2.809 | 2.849 | -9,0% | -282 | -1,6% |
| Total général | 482.680 | 489.990 | 493.323 | 499.972 | 3,6% | 17.292 | 100,0% |

Source : CCSS / Calculs : IGSS
Champ : ensemble des actifs salariés

Déi 5 Secteuren, déi gréng markéiert sinn, weisen tëscht September 2022 a September 2025 dee stäerkste Wuesstum a maache 57,5% vun der netto Aarbechtsplazschafung aus. Et handelt sech ëm:

- den HORECA-Secteur, mat engem Plus vu +9,2%, dat heescht 2.023 zousätzlech Aarbechtsplazen;
- de Secteur Transports et entreposage, mat engem Zouwuess vu 6,9%, also 2.282 zousätzlech Aarbechtsplazen;
- d'spezialiséiert, wëssenschaftlech an technesch Aktivitéiten, déi eng Erhéijung vu 4,3% verzeechnen, dat entsprécht 2.023 zousätzleche Plazen;
- de Secteur Activités financières et d'assurance, mat engem Wuesstem vu 4,1%, also 1.445 zousätzlech Aarbechtsplazen;
- de Secteur Activités de services administratifs et de soutien, och mat engem Plus vu 4,1%, dat heescht 1.445 zousätzlech Plazen.

Am Géigesaz dozou sinn déi blo markéiert Secteuren, déi tëscht September 2022 a September 2025 en netto Aarbechtsplazverloscht verzeechent hunn. Et handelt sech ëm:

- de Bausecteur, wou d'Beschäftegung ëm 8,6% zeréckgaangen ass, dat entsprécht engem netto Verloscht vu 4.436 Aarbechtsplazen ;
- de Secteur Industrie manufacturière, déi eng Reduktioun vun 3,9% verzeechent huet, wat engem netto Verloscht vun 1.258 Aarbechtsplazen entsprécht.

Luxembourg, le 19 août 2026

(s.) Marc SPAUTZ
Ministre du Travail